



Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 17/05/2026

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Digitalisatioun weiderzeleeden.

Den 12. Mee 2026 ass op engem bekannte Cyberkriminalitéitsforum eng Datebank mat méi wéi 6.400 Enregistrementer publizéiert ginn, déi dem fransésche Grupp Thales zougeschriwwen gëtt. Thales ass ee weltwäite Leader am Beräich vun der Verteidigung, der Lofffaart an der Cybersécherheet. Laut der Analys vu Cybernews-Fuerscher weist d'Struktur vun den Daten e kloere Link zu LuxTrust, dem Lëtzebuerger Prestataire fir digital Identitéitsservicer, deen op Thales-Servicer zréckgräift oder op deen Thales zréckgräift. Ënnert den Daten, déi um Forum verëffentlecht goufen, befannen sech Nimm, E-Mail-Adressen, Telefonsnummern, Informatiounen iwwert Benotzerkonten, Zougangsrollen a Permissiounen, souwéi Referenzen zu internen Authentifikatiounssystemer an Annuaires. Thales huet de 14. Mee confirméiert, datt et sech ëm en Incident bei engem externen Soustraitant handelt, an eng Enquête mat dësem Prestataire lancéiert. D'franséisch CNIL gouf informéiert.

Dësen Incident ass besonnesch bedenklech fir Lëtzebuerg, well LuxTrust eng quasi-monopolistesche Positioun an eiser digitaler Infrastruktur ageholl huet – fir E-Banking, MyGuichet, elektronesch Ënnerschrëften an d'Authentifikatioun vu Bierger a Betriber. D'Partnerschaft tëschent LuxTrust a Thales ass breet: LuxTrust bitt zesumme mat Thales a POST eng „Data Sovereignty“-Léisung un, de LuxTrust-Middleware leeft iwwer Thales-Infrastruktur, an d'SmartCard-Liesesystemer ginn vu Gemalto/Thales hiergestallt. No der schwéierer Panne vum 16. Dezember 2025, déi 21 Stonne laang d'Bankservicer, MyGuichet an d'digital Authentifikatioun am ganze Land lahmgeleecht huet – an no deem d'NIS2-Gesetz vum 5. Mee 2026 elo a Kraaft ass, dat Trust Services explizitt als digital Infrastruktur klasséiert – stellt sech d'Fro, wéi wäit Lëtzebuerger Bierger an Entrepenen vu dëser Fuite de données betraff sinn, a wéi eng Mesuren en place sinn fir si ze schützen.



An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Ass d'Ministesesch informéiert ginn iwwert dësen Incident bei Thales an den eventuellen Impact op LuxTrust-Benutzer zu Lëtzebuerg? Wa jo, wéini a vu wéi?
2. Wéi vill Lëtzebuerger Bierger, Residenten oder zu Lëtzebuerg aktiv Entreprisé kéinte vun dëser Fuite de données betraff sinn? Ass de Perimeter vun de kompromittéierten Donnéeë scho kloer ofgegrenzt?
3. Gouf d'CNPD (Commission nationale pour la protection des données) iwwer dësen Incident informéiert, an huet si eng formell Notifikatioun kritt am Sënn vum Artikel 33 vum RGPD? Ass eng Notifikatioun un déi betraffe Persounen am Sënn vum Artikel 34 vum RGPD virgesinn?
4. Ass LuxTrust elo, zënter dem Akraafttriede vum NIS2-Gesetz vum 5. Mee 2026, als „entité essentielle“ am Beräich vun den Trust Services klasséiert? Wa jo, wéi eng Obligatiounen am Beräich vum Incident-Reporting gëllen duerfir?
5. Wéi eng Measure sinn a Plaz gesat ginn fir d'Lëtzebuerger Benutzer proaktiv ze informéieren an ze schützen, namentlech géint Phishing, Identitéitsklau an „Social Engineering“-Attacken, déi duerch esou exposéiert Daten erméiglecht ginn?
6. Wéi eng Léiere gëtt d'Regierung aus dësem Incident am Kontext vun der Supply-Chain-Sécherheet vu LuxTrust? Gëtt et eng Analys vun der Ofhängegkeet vu LuxTrust vu Prestatairë wéi Thales, a wéi gëtt d'Sécherheet vun de Liwwerketten iwwerpréift?
7. Ass de GOVCERT.LU respektiv den CIRCL an d'Analys vun dësem Incident abezunn ginn? Wa jo, wat sinn hir bishereg Conclusiounen?
8. Gesäit d'Ministesesch, no der schwéierer Panne vum Dezember 2025 an elo dëser Fuite de données, net d'Noutwennegkeet, LuxTrust formell als kritesch Infrastruktur ze klasséieren, sou wéi et den Haut-Commissariat à la Protection nationale (HCPN) bis ewell net gemaach huet?

Mat déiwem Respekt,



piraten.lu



CLEMENT Sven
Deputéierten

